

Esch/Alzette

Vereinsubsidien 1996, mehr Polizeibeamte, viele Fragen...

Zur Tagesordnung der Gemeinderatssitzung vom Montag, dem 1. Juli

Der Escher Stadtrat tritt am nächsten Montag, um 15 Uhr, im Tagungssaal des Gemeindehauses zusammen, um über 17 Punkte zu befinden.

chen Haushalt stehen noch 66,39 Mio. F, davon 57,33 Mio. F des Staates, aus.

die für 1997 im Vergleich zur Spielzeit 1995/96 um 13% erhöht werden.

Paul Kemp, Direktor der industriellen Betriebe der Stadt, der am 14. Juli 1931 in Schifflingen geboren wurde, tritt am 1. Juli in den wohlverdienten Ruhestand.

Unter Punkt 17 wird der Schöffenrat auf die von den Räten schriftlich eingereichten Fragen antworten. Hier geht es u. a. um die Verlegung des Polizeikommissariates, um die umstrittene, ins Auge gefasste Wiedereröffnung der Grabenstraße, um Beanstandungen der zukünftigen Besitzer der „Résidence Parc Laval“ und um die „Concerts du Conservatoire“.

Für die Instandsetzung der Toiletten und Duschanlagen auf dem „Jeunesse“-Feld ist ein Supplementarkredit von 2.320.000 F vorgesehen. Auch wird die Fassade der Primärschule in der Großstraße instandgesetzt. Kostenpunkt: 6.820.000 F.

Voraussichtlich bleibt das Escher Stadttheater wegen Renovierungsarbeiten bis zum 15. Februar 1997 geschlossen. Am Montag ist aber bereits im Gemeinderat die Rede von den Eintrittspreisen.

Die ordentliche Vereinsubsidien für 1996 belaufen sich auf 1.907.200 F. 46,3 t Altpapier wurden am 4. Mai auf dem Stadtgebiet gesammelt. Die an der Aktion beteiligten vier Vereine erhalten eine Gesamtschädigung von 69.510 F (1.500 pro Tonne). Am 1. Juni sammelten drei Vereine 43 t; sie teilen sich 49.200 F im Verhältnis zur eingefahrenen Papiermenge.

Nach der Genehmigung der Abänderung und Ergänzung des Kollektivvertrags für die Gemeindereisenden der Südgemeinden werden die Räte sich mit dem Restantentat von 1995 befassen. Im ordent-

Wochenendnotiz

Randerlebnis. Ich weiß nicht warum, aber irgendwie wurden ungewohnte Erinnerungen in mir wach, als ich am letzten Sonntag die rot-weiß-blauen Fahnen im Winde flattern sah: Erinnerungen an jene Tage im Mai, als diese Fahnen nach langen, bitteren Jahren zum ersten Mal wieder die Häuserfronten zierten, Erinnerungen an viele Erwachsene, die vor diesen Fahnen ihre Tränen nicht verbargen, Erinnerungen an so viele, die für diese Fahnen ihr junges Leben hingegeben hatten.

Für Kayl war es kein Nationalfeiertag wie die vorherigen: die Ortschaft erstrahlte förmlich am späten Nachmittag im Glanze des

großen und feierlichen Ereignisses: der Großherzog und die Großherzogin hatten gewünscht, den Festtag mit den Bürgern aus dem Kayltal zu feiern.

Alles fieberte dem hohen Besuch entgegen, der auch pünktlich um „Widdem“ eintraf. Nach der Ehrerweisung vor dem Totendenkmal und dem Willkommensgruß des Bürgermeisters ebte die Strenge des offiziellen Empfangs bald in eine sympathische Atmosphäre ab, besonders, als die Kinder und Jugendlichen dem Herrscherpaar ihre Reigen und Darbietungen vorführten.

Aber die hohen Gäste hielt es nicht länger auf der Tribüne, sie wollten „unter das Volk“, wobei sie gemeinsam mit den Kayltälern ein Gläschen tranken und sich mit groß und klein an den verschiedenen Ständen unterhielten.

Ich stand zufälligerweise am Ende des Rundgangs, wo eine Frau mit zwei Kleinkindern den Gästen zuwinkte. Einer der Knirpschkaute eben an einem „Gromperkicheichen“, als die Großherzogin sich zu ihm beugte. Spontan streckte der Kleine ihr seinen fettigen Leckerbissen entgegen und siehe, die Herrscherin bedankte sich, griff zu und genoss mit sichtlichem Vergnügen den Rest des tiefenden Küchleins.

Sogleich lachten und applaudierten ringsum die Kayltaler, der Großherzog lächelte gütig und sagte: „Merci willmoos, et war schéi bei lech!“

Ein kleines Erlebnis am Rande... Etwas später schien mir das „salvum fac...“ in der Kirche irgendwie feierlicher als sonst. Jedenfalls, Monseigneur und Madame: „Merci och un lech, et war schéi mat lech!“ mars

GOTTESDIENSTORDNUNG

Samstag, den 29. Juni und Sonntag, den 30. Juni 1996

DEKANAT ESCH/ALZETTE

Table with columns for location, day, and time. Locations include Beles, Bel Val-Metzerlach, Differdingen, Differdingen-Fousbann, Esch-Grenz, Esch-Lallingen, Esch-St-Henri, Esch-St-Joseph, Lamadelaine, Lasauvage, Monnerich, Niederborn, Oberborn, Pelingen.

Table with columns for location, day, and time. Locations include Rodange, Sassenheim, Schifflingen, Zolver.

DEKANAT BETTEMBURG

Table with columns for location, day, and time. Locations include Bettemburg, Düdelingen, Kayl, Rümelingen, Telingen.

Am 13. Juli in Mamer

Sportfest der Eisenbahner

Im Rahmen der Feierlichkeiten zum 50. Jubiläum der nationalen Eisenbahngesellschaft CFL findet am Nachmittag des 13. Juli auf den Sportanlagen der Gemeinde Mamer unter Teilnahme von etwa 150

Luxemburger Eisenbahnern ein Sportfest statt.

Zwischen 14.30 und 17.30 Uhr wickelt sich folgendes Programm ab: Fußball: Vergleichstreffen zwischen den Eisenbahnermannschaften CFL und SNCB (Die spielstarke belgische Mannschaft ist amtierender USIC-Vize-Meister); Tennis: Einzel- und Doppelpartien zwischen den be-

sten Spielern des Tennis CFL; Basketball: Demonstrationsspiel zwischen den beiden Eisenbahnermannschaften, die an der nationalen Betriebssportmeisterschaft teilnehmen; Tischtennis: Turnier zur Ermittlung des Siegers zum 50. Jubiläum unter der Teilnahme aller interessierten - föderiert oder nicht föderiert - Eisenbahner; Schach: Demonstration von Si-

multan- und Blitzpartien; Leichtathletik: 5.000-Meterlauf mit eventueller internationaler Beteiligung; Tauchen: Ausstellung von Tauchermaterial und Ablichtungen der neugegründeten CFL-Tauchersektion; Bogenschießen: Demonstration im Bogenschießen, ausgeführt von Eisenbahnern, die Mitglied der Luxemburger Nationalmannschaft sind.

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Spréchwüerder, Spréchelcher a Riedensaarten

Jidfer Sprooch huet kéipweis deer klenger Sätz, mat denen een an e puer Wüerder eng laang Ried ka resuméieren; bal si se léschteg, bal iescht, bal graff a bal plommelecht; bal gerode si dee bekanten Nol riicht op de Kupp, bal soen si d'Wouregt em siwen Ecken... mä et stécht emmer a maandelweis Liwensgeschéitheet dran. Et huet emol ee gesot, an all Sprooch wüeren déi Spréchelcher d'Philosophie vun de „klenge Leit“... wat heescht hei „kleng Leit“? Intelligenz as nun emol Intelligenz, ob een déi komplizéiert ausdréckt, oder genee am richtigen Ament op deer richteger Plaz déi gidleg Wüerder fenn, fir den Téppelchen op den „i“ ze setzen.

Och am Lëtzebuergesche gët et kéipweis Vergläicher, Sproochbiller a Spréch, déi ee fir all Geleénhete bei Hand kann hun, wann een se brauch; et as eng Hellewull Erleefies a Woueres dran!

Wann dir iech dofir intresséiert: da frot emol am Bicherbuttek nom Laure Wolter séngem Buch mat de Spréchelcher; ech wetten, dir stiecht et hannert de Spigel!

Hei dann nach eppes an deem Sënn: Eis Frënn vun der Gemeng Nidderaanwen hun äis gefrot, ob mir fir si kënten de Guet vun dese Spréchwüerder fannen... kuckt

emol, ob dir dat lëtzebuergesch fannt, dat deeslewechte Sënn gët; iwrengs kann och kee Mënsch iech verbidde, emol selwer e Spréchwuert ze maachen, well déi aus denen anere Sprooche jo och keng Gesetztexter sin:

- l'oiseau gazouille comme il est embecqué
- de nouveau roi, nouvelle loi
- la fin justifie les moyens
- qui veut frapper le chien, trouve le bâton
- payer c'est régner
- il ne faut pas avoir deux poids et deux mesures
- qui se sent morveux se mouche
- le chemin vers l'enfer est pavé de bonnes intentions
- par la bouche se met le feu au four
- quand le vin entre, la raison sort
- qui entretient femme et dés, meurt en pauvre
- il se noie plus de gens dans les verres que dans les rivières
- poisson sans boisson est poison
- petit chaudron, grandes oreilles
- morceau avalé n'a plus de goût


e „chalumeau“ oder eng „Ropzéi“

... déi Fro daerf ee sech roueg stellen, well eis Kanner heiansdo déi schéinsten an originellst Wüerder maachen (an deem Fall hun se och nach „Wellefcher“ geheescht).

Mä wat as dann e „muusgeen Apel“, eng „Sonnestäip“, eng „Zutt“? An all Famill entstén deer Wüerder; schued, dat si net opgeschriwe gin. Et wir ower ewell e ganze Koup Guddes gemach, wann déi Grouss déi Kleng gifen drop „stoussen“, wann si mat der Ameis, dem Schmetterling, dem Maikäfer a soss dees Gedéngels heemgeschleefi kommen. L.R.

ACTIOUN LËTZEBOURGESH EIS SPROOCH

Adressen: Bredeweer, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisation/Membre: 500 Franc d'Jor
Postschek: 6644-48



Redaction vun „Klack“:

Milly Thill, M. Warton-Woods, Paul Wilmes, Rob. Zenner, Lex Roth

Nächst Klack/25.: 28. September 1996

„Mir maache, gin, sin an d'Vakanz“

Wat heescht hautdésdaags des Riedensaart? Soss huet een domat déi „grouss Vakanz“ gemengt, déi Zäit vum halwe Juni bis den halwe September, wou d'Schoulen hir Dieren zougemat hun a wou d'Kanner an d'Leierpersonal, d'Studenten an d'Professere sech de Gudden konnten udoen.

An eiser moderner Zäit huet desen ale Begrëff séng Bedeutung eng Grëtz verännert, dat heescht, en huet sech an eise Regionen iwwert dat ganz oekonomesch Liewen ausgebreet an as zu enger sozialer Acquisitioun gin. Do heescht et dann elo bis an dee klengsten Handwierksbetrib: „Mir sin am Congé“, Dat wëllt soen: eist Geschäft, eis Entreprise as zesoen de ganze Mount August

zou. D'Höteln a Restauranten an d'Liawensmëttelbranchen, déi an der Touristesaison hiren Heemdom hun, sin déi eenzeg, déi net am Congé sin. Mä, wéi gesot, soss dorëmmer leeft an der Vakanzzäit näischt méi op Héichtouren.

Ënner Ëmstänn kann een duerfir an der Congéssaison fatzeg an d'Labrante geroden. Elo trëllt da grad an deser hétzeger Zäit eis „Gefriertru“, de „Fréiser“ a Pann, dee vollgestoppt as mat „Pouleten, Glacen, fish-steaks a Pizzen“, déi elo alleguer opwechen a futti gin, well just dat Ersatzstéck, wat mir op der Minutt brauchen, nët opzedreiwen as: „de Betrib as am Congé, de Patron an d'Techniker sin a Vakanz, d'Firma liwwert dese Mount näischt, et

gi keng Reparatüre gemat.“ Do sti mir dann ewei d'Kand beim Dreck... et déngt alles näischt, well 'tas Vakanz- a Congésszäit.

Wann der Däiwel elo richtig lass as, da fiirt duerfir och nach eise „Fernseh“ futti. Mir fanne keen Elektriker, deen eis „Televioun“ flécke géif. Mir gin elo zesoe forcéiert eng nei „Schlappeskinoskësch“ ze kafen, well soss verpasse mir d'Olympesch Spiller vun Atlanta. Mir kënnen se net bei den Noper oder bei Frënn a Famill kucke goen, well déi si jo och grad an de Congé, an... et wäert dach kengem Lëtzeburger méi afalen ze soen, si wäeren am „Urlaub“. Zapperlout, neen, si sin, ewei treisch Lëtzeburger nach soen, an d'Vakanz! Milly Thill

D'Plo mat den Uertschaftsnimm

Wann een an de Nouvelen um Radio an op der Televisioun héiert, wéi eis schéin a flott Uertschaftsnimm verdréit, verwieselt, virun allem awer op franséisch an däitsch amplat op lëtzebuergesch gesot gin, da kinnt ee mengen, dat et an eiser Sprooch keng méi eng sprooch Plo gët wéi grad d'Uertschaftsnimm.

Do heescht et dann ongenéiert, dat „e Motocyclist e ganz schwéiert Akzident zu Prätler“ hat; da muss ee scho bis den aneren Dag waarden, fir ze wëssen, wou dat Ongléck dann lo geschitt as, well een dann den Numm an der Zeitung liest a gesäit, dat et zu Prätler war.

Do gët dann erzielt, dat dést an dat „Déierbier“ net geklappt huet. An e frett ee sech, a wéi engem Eck vum Ländchen dat da

soll leien. Réischt mat engem Dag Verspéidung kann een dat ganz verstehen, well et an enger Lokalnotiz an der Zeitung steet: et war zu Déierbech (Derenbach) bei Uewerwampech.

Seet een eppes, dann as een e Kregéiler; seet een näischt, da geet et sou virun, a jiddere mengt, et wir och sou, well et jo awer am Radio oder op der Televisioun gesot gët.

Gewëss, et kann een net alles wëssen, besonnesch dann net, wann et séier muss goen. Mee och Journalisten hun Zäit, fir hir Texter virun der Mëttes- an der Oweszeit virzuberoden. Dat se d'Uertschaftsnimm sou dohi geheien, as en Zeeche vu Kamouditéit, fir net ze soe vu Liddregkeet.

Well op de Säiten „A 67 bis A 71“ mat grénger Straif am Volume

2 vum Telefonsbuch stin all Uertschaftsnimm dem ABC no vu franséisch/däitsch op lëtzebuergesch iwwersat. Et dauert net méi wéi puer Sekonnen, fir dee richtegen Numm op lëtzebuergesch ze fannen.

Eng aner Méiglechkeet as déi, dat kamoud Heftchen Nr. 3 vun der Extra-Serie / EIS SPROOCH och nëmmen d'Säiten 49 bis 57 doraus an de Studio ze leen... d'Actioun Lëtzebuergesch huet der genuch am Stock (5. Edition!).

Et as dowäert! z.r.

P.S. Wéi wir et dann, wann ee sech als Journalist déi Lesche géng op de Leescht huelen an déi krädeleg Fall dem Alphabet no erausschreien. Eng Method mat deer een dat Verneen vun der Uertschaft ganz séier an zergutst geheelt krit. All aner (faul) Ursache si jo dach nemmen... fir ze gebrauchen. (AL)

Bravo!

Gemenkerhand soll een op e private Brëif och privat äntweren, ower des Kéier as et wierelech dowäert, e perséinlecht Schreiwes un déi ganz grouss KLACK ze hänken. Mat méngem éierleche Merci, soll d'Madame Warton d'Felicitationne vun äis alleguer hei „weidenaffen“ an der Zeitung kënnen liesen! Jidferree vun äis soll sech selwer séng Gedanken iwer des Leeschtung an déi Persoun maachen, déi dat do an nëmmen e puer Méint geléiert huet. Bravo a villmoos merci, Madame! LR

Margaret WARTON-WOODS
4 Iernster-Strooss
L-6977 UEWERAANVEN
Ueweraanven, de 14. Juni 1996

Léiwen Här,
Ech lauschtere gär Är Emission „Eng Minutt fir eis Sprooch“, moies um DNR, well ech sin am gaang vu Lëtzebuergesch ze léieren. Ech muss awer zougin, datt ech net alles (an dacks

nët vill) verstin, well ech sin Englännerin, an ech léieren Är Sprooch nëmmen zënter Oktober.

Den zweete Problem as, datt ech um 8.30 an der Aarbecht si soll; dofir kann ech Är Emission héieren, nëmme wann ech e bësse spéit fueren.

Ech si Mëmben vun Actioun Lëtzebuergesch, an dofir war ech bei Ärer Generalversammlung vun deem Jor. Ech erinnere mech, datt Dir eis gefrot hat, ob mir e puer Iddien haten, fir d'Aktivitéite virunzeféieren. Ech géng gär e Virschlag maachen; firwat net déi Texter vun Ären Emissionen a Form vun enger Sammlung erausgin? Déi wär e flott an interessant Referenzwierk, dat ech (mam Dixonär, natirlech) roueg liese kéint.

Wëllt Dir mech entschëllegen, wann Dir des Iddi scho gehat huet.

Ech entschëllege mech och, fir méng Schreffeler; wierelech hun ech nach vill ze léieren, an dese Brëif as den eischten, deen ech op Lëtzebuergesch geschriwen hun.

abee jo!

3x dselwecht geschriwen anescht geschriwen
3x anescht geschwat dselwecht geschwat

eat = „iit“ meet = „miit“
heart = „haart“ hard = „haart“
eam = „öm“ burn = „böm“

jidferreen, deen eng Grimmel Englesch kann, dee féinnt dat do „normal“, an deer Beispiller mat den Honnerten. Mä am Lëtzebuergesche gi mir op deem do Gebitt de Lais nach d'Fléi sichen!

Spréchwuert: Wann een en Hond net ka brauchen, da seet een, hie wir rosen.

A jidferree wëllt séng Schreffeweis... dat bescht Mëttel, fir dat keen dem anere säint liest! Paul Wilmes

Eis Sprooch um DNR (102.9+104.2) mueres um 8.40 Auer